

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/04/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Mobilitéit & Energie
weiderzeleeden.**

A Presenz vum Energieminister Claude Turmes, huet eng Bus-Entreprise hir mobil Lued-
Statioun fir Busser virgestallt. De spezielle Camion huet eng Kapazitéit vun 2,1 Megawatt-
Stonnen a soll eng Alternativ zu feste Lued-Stationen sinn, der et laut der Entreprise nach
net op genuch Plaze ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Handelt et sech bei dësem spezielle Camion ëm een Elektro-Camion, een Hybrid-
Modell oder gëtt de Camion eenzeg mat fossile Brennstoffe betankt?
2. Falls et sech bei dësem Camion ëm een duerch fossil Brennstoffe ugedriwwene
d'Gefier handelt, wéi steet dës am Aklang mam vun Energieministère ugekënnegten
Zil vum CO2 neutralen ëffentlechen Transport?
3. Den ACL huet d'Ziele vun der Regierung wat Elektro-Bornen ugeet, an engem Wort
Artikel vum 13ten Abrëll, kritiséiert. Et wieren laut ACL, net emol 500 vun den 800 fir
2020 geplangte Bornen gebaut ginn. D'Zil fir 2030 ass et, 26'000 Bornen duerch
d'ganz Land verdeelt stoen ze hunn.
Gesäit de Ministère ee Lien tëscht der Tatsaach, dass d'Ziler fir Elektro-Bornen 2020
net erfëllt goufen, an dem Fait, dass Bus Entrepreneuren mussen op mobil, fossil
ugedriwwen Alternativen zeréck gräife well ebe grad dës Bornen feelen?
4. Ënnerstëtzt den Staat de Asaz vun dësen Camionen finanziell?
5. Si Busser, déi duerch esou ee Camion geluede ginn, am Kader vun enger RGTR
Ausschreiwung, als Emissiouns neutral un ze gesinn?
6. Sinn dës Camionen Deel vum Ministère senger Emissiouns neutraler
Mobilitätsstrategie?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized representation of the name 'Goergen'.

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu